ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. August 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nr. 2624 vum 6. August, si mer eenzel Punkten net ganz kloer, esou datt ech wéilt e puer zousätzlech Froe stellen.

1. An der Äntwert schreift d'Madamm Minister; "Et geet an dësem Fall net ëm eng Geneemegung „fir Beem ewech ze maachen", mee „fir eng Biotopzerstéierung op enger Bauplaz am Bauperimeter". Den Artikel 17 vum Naturschutzgesetz vum 18. Juli 2018 reegelt dëse Fall am Paragraph (3)." a weider "Des Weideren hiewen ech nach eng Kéier ervir, datt et sech am konkrete Fall ëm e Bauterrain am Bauperimeter vum PAG handelt, a net ëm en Terrain an der Gréngzon" Méi wäit ënnen schreift d'Madamm Minister "Zu der Demande de destruction de biotope protégé selwer ass nach keng Decisioun geholl, well den Dossier jo nach net komplett ass." an och "De Bilan ass nach net fäerdeg well nach wichteg Informatiounen iwwer de Verlaf vun der Limite vum Bauperimeter feelen."

   Wann also nach Donnéen zu der der Limite vum Bauperimeter felen, wéi konnt d'Madamm Minister dann dovun ausgoen, datt den Artikel 17 (3) applicabel ass? A wouhir wousst d'Madamm Minister dann, datt den Terrain net géing ganz oder zum Deel an enger Gréngzon leien?

2. Wat fir Befugnisser huet en Agent vun der ANF bannent dem Bauperimeter vun enger Gemeng (Fro 2624, Punkt 1) a wat sinn a sou engem Fall d'Aufgabe vun der Gemeng?
3. Wat den Ament vum Ecobilan, de 6. Juli, ugeet (Fro 2624, Punkt 5 a 6), ass d'Madamm Minister der Meenung, datt weder d'Aarbechten ouni Geneemegung nach den offizielle Baustopp d'Enn vun enger initialer, feelerhafter Geneemegungsprozedur bedeiten, datt also d'Intervenéiere vun der ANF nom Baustopp weider Deel vun enger initialer Geneemegungsprozedur ass?

   Wa jo, heescht dat, datt d'Aarbechten ouni Geneemegung keng Konsequenzen a keen Afloss op d'Resultat vun dëser Prozedur hunn? Oder ass nom Baustopp eng nei Demande agereecht ginn? Wéi eng Konsequenzen hätten déi illegal Aarbechten op dës nei Demande? Fir den allgemenge Versteesdemech wär et ganz transparent, den Datum vun der Demande, den Datum, wou d'illegal Aarbechten ugefaangen hunn, an den Datum vum Bréif, deen de

Requérant op den onkompletten Dossier higewisen huet, ze kennen. Kann d'Madamm Minister eng genee Chronologie opstellen?

4. D'Madamm Minister schreift an hirer Äntwert op meng Fro "Allgemeng mécht d'ANF en Ecobilan wann: d'Demande kee kommerziellen Zweck huet, also keng Suen mam Ecobilan selwer verdéngt ginn (keng Tëschepersounen)." Elo ginn hei jo keng Suen op direktem Wee mam Ecobilan gemaach, awer op indirektem Wee dach, well d'Finalitéit jo d'Opriichte vun enger kommerzieller Crèche ass. Wéi gëtt also hei de "kommerziellen Zweck" definéiert? Ass d'Madamm Minister der Meenung, datt e gratis Service, deen engem kommerzielle Projet zëgutt kënnt, kann als eng direkt staatlech Subventionnéierung ugesi ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierte

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742